Depot : Fernand Kartheiser

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 21. Dezember 2022

RESOLUTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

erënnert drun,

- datt a verschiddene Länner en nei gewielten Deputéierten a senger Eedesformel och eng reliéis Referenz ka maachen, z.B. iwwert de Wee vun enger Formel ewéi: "que Dieu me soit en aide", "so help me God" oder "so wahr mir Gott helfe".

decidéiert dowéinst,

- datt och déi Lëtzebuerger Deputéiert an Zukunft sollen déi Méiglechkeet hunn, fir bei hirer Vereedegung eng fräiwëlleg reliéis Referenz zousätzlech zu hirer Eedesformel ze maachen.